ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Infrastruktur a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Anscheinend ass Busspur net gläich Busspur. Et hänkt vun engem klengen Zousazschëld (6aa), wat ee liicht kann iwwersinn, of, ob nieft regelméissege Bussen a Schoulbussen och aner Gefierer (Taxien, Ambulancen, Dokteren am Asaz, Bussen an Autocare vu Fuerschoulen an fir Führerschäinsexamen a Chauffeursformatiounen, Panzerween vum Geldtransport an hir Escorte-Gefierer) dës dierfe benotzen. An deem Kontext wéilt ech dem Här Transportminister dës Froe stellen:

1. Wär et net méi onkomplizéiert, d'Busspure-Schëld (D10) fir de gesamte motoriséierten ëffentlechen Transport gëllen ze loossen, also Bussen, Schoulbussen, Touristebussen, Navetten, Taxien am Déngscht?
2. Gëtt et am Abléck Busspuren, bei deenen den Zousaz vum Schëld 6aa am betreffende Reglement just vergiess ginn ass, wéi anscheinend schonn op Nofro beim Ministär argumentéiert gouf?
3. Wären am Artikel 107 vum *Code de la route* bei déi Lëscht vun de Gefierer, déi an där éichter Fro uewen opgezielt sinn, net op d'mannst och Police-Gefierer, déi net am Eildéngscht sinn, derbäizesetzen, wat sécher déi dënn personell Decke vun eisen Uerdnungskräfte géing e bëssen entlaaschten, wa si manner géingen am Stau stoen?
4. Ass de Minister net der Meenung, datt esou eng eenheetlech Regelung méi Rechtssécherheet géing schaafen, eng administrativ Vereinfachung géing duerstellen an de Leit am Verkéier d'Liewe géing erliichteren?
5. Gesäit de Minister net grad bei den Taxien och de Virdeel, datt de Fuerpräis méi clientsfrëndlech ka ginn, wann déi Gefierer manner Zäit tëschent a während hire bezuelten Trajete géingen am Stau stoen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten